adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 FEV. 2016
1822

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an den Här Minister fir Entwécklungshëllef weiderzeleeden.

Nieft dem Staatsbudget fir Entwécklungshëllef, si jo och vill Gemengen an dem Domän aktiv, sief et datt se selwer als Partner optrieden oder Associatiounen an ONGen aus der Zivilgesellschaft ënnerstëtzen. Dofir hätt ech dës Froen fir d'Häre Banneminister a Minister fir Entwécklungshëllef:

1. Wéi eng Gemengen gi wéivill Suen fir Entwécklungshëllef aus, sief dat an eegener Regie, am Partenariat mat Associatiounen an ONGen, déi sech ëm Entwécklungshëllef këmmeren, oder a Form vu Subventiounen un esou Associatiounen an ONGen?
2. Wéi verschaaft de Staat sech do en Iwwerbléck a wéi informéieren d'Gemengen de Staat?
3. Wéi eng Länner profitéiere vun deene Suen?
4. Koordinéieren d'Gemengen hir Efforten mam Staat fir d'Efficacitéit vun där Hëllef ze optiméieren?
5. Am Fall, wou et op deem Gebitt keng Koordinatioun géing ginn, sinn d'Ministeren der Meenung, datt dat eng gutt Situatioun ass oder datt do Remedur ze schafen ass?
6. Wann een d'Hëllef vun de Gemengen bei déi staatlech Depensen no de Critèren vum DAC nach géing dobäi rechnen, wéi e Prozentsaz vum BNA géing dann am Total fir déi Lëtzebuerger Entwécklungshëllef eraus kommen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten